LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2020

Un d'Beneficiairë vun Hëllefs- a
Fleegeleeschtungen an un hir Famill

Madamm, Monsieur,

Léif Famill,

D'Infektiounszuele mam Covid-19 Virus ginn zu Lëtzebuerg, grad eréi an eisen Nopeschlänner, erëm an d'Luucht. De Virus ass present an eisem Ëmfeld an an eiser Gesellschaft.

Dohier as et grad elo ganz wichteg, dass nieft dem konsequenten Anhale vun de bekannte „Gestes barrières" (d'Hänn wäschen, d'Distanz respektéieren an d'Droe vun engem Mask wann Dir op Besuch bei Är Léifst gitt) déi sozial Kontakter op déi wierklech wichteg an essentiell ze limitéieren, fir esou dem Virus keng Chance ze bidden sech auszebreeden.

Denkt och w.e.g drun, datt wann dir ee Kontakt mat enger positiver Persoun hat, resspektiv selwer Féiwer huet oder soss Symptomer op de Covid-19 kéinten hindeiten (Houscht, Schnapp, Kuerzootmegkeet,...), äre Kontakt mam Familljemember op en spéideren Zäitpunkt ze verleeën an doheem ze bleiwen.

Fir d'Direktere vun den Déngschter ass et wichteg, d'Beneficiairë vun Hëllefs- a Fleegeleeschtungen ze schütze virum Risiko vun enger Infektioun mam Covid-19, an hinnen trotzdeem, esou wäit wéi méiglech, Servicer unzebidden, déi un hir individuell Situatioun ugepasst sinn. Den Accueil an den Dagesfoyere gëtt och an deem Sënn organiséiert.

Mam Hibléck op Allerhellegen, awer och op d'Feierdeeg um Enn vum Joer, ass et den Appell u Jiddereen sech senger Responsabilitéit nach eemol bewosst ze ginn, an sech solidaresch ze weise mat de méi vulnerabele Leit an eiser Gesellschaft. Och d'Sortien sollten duerfir reduzéiert sinn op dat wat wierklech néideg ass, an da mussen déi allgemeng gëltege Sécherheetsbestëmmunge respektéiert gin.

Merci fir Är Mataarbecht an Äert Versteesdemech.

Mat léiwe Gréiss,

Corinne Cahen
Ministesch fir Famill an Integratioun

132-000004-20040525-FR